MONICA SEMEDO
Member of the European Parliament

PRESSECOMMUNIQUE

Monica Semedo
Member vum Europaparlament
Renew Europe Group

Abrëll 21, 2023

D'Madame Monica Semedo huet d'Décisioun vun der Presidentin vum Europaparlament, Roberta Metsola, vum 17. Abrëll 2023 zur Kenntnis geholl, datt et aus Hirer Siicht e Verhale vu « harcèlement moral » géint e fréiere parlamentareschen Assistent gouf an d'Madame Semedo doropsin fir zéng Deeg ouni Indemnitéit (op Lëtzebuergesch « Jeton » benannt) sanktionéiert gouf.

D'Madame Monica Semedo kontestéiert des Décisioun vehement, obwuel dës Sanktioun ganz geréng ass. Als Europadeputéiert ka Si nach ëmmer Hirer parlamentarescher Aacht nogoen, d.h. ofstëmmen a Dossiere verhandelen.

D'autant plus, dementéiert d'Madame Semedo, datt et « harcèlement moral » vis-à-vis vun hirem fréieren parlamentareschen Assistent gouf. Si setzt sech am Europaparlament géint Discriminatioun an all senge Formen an, souwuel ewéi fir méi Inclusioun an och fir e séchert a respektvollt Ëmfeld fir jiddereen.

Si bedauert, datt déi Beweiser, déi Si der zoustänneger Kommissioun fir « harcèlement » virgedroen huet net considéréiert goufe.

D'Madame Semedo war während der ganzer Enquête transparent an éierlech. Mä d'Recht, sech ze verdeedegen a gehéiert ze gi, gouf Hir verweigert - vun der zoustänneger Kommissioun an der Presidentin vum Europaparlament an dat well Si et a Präsenz vun Hirem Affekot wollt maachen. D'autant plus, gouf et am Joer 2022 « Leaks » iwwer dës confidentiel Enquête an der Lëtzebuerg Press.

Dofir stellt Si a Fro, wéi objektiv oder neutral dës Kommissioun virgeet a virun allem d'Confidentialitéit garantéiert.

D'Madame Semedo wäert dësen Dossier virun den Europäesche Geriichtshaff bréngen. Hir Grondrechter, sech ze verteidege, goufe verletzt an dat vun enger Institutioun vun der Europäescher Unioun, déi normalerweis sech genee dofir asetzt.

Gemaach zu Bréissel den 21. Abrëll 2023

Monica Semedo, Member vum Europaparlament

Kontact:
Parlement européen
Bât. WILLY BRANDT
06M083
60, rue Wiertz / Wiertzstraat 60
B-1047 Bruxelles/Brussel
monica.semedo@europarl.europa.eu